

Här Claude WISELER  
Chamberspräsident  
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 27. Mäerz 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsministesch weiderzeleeden:

„Et gi vill Etuden a wëssenschaftlech Beweiser déi aussoen, dass gesond an equilibréiert lesse ganz däitlech dozou bäidréit, dass e Kranken am Spidol nees méi séier gesond gëtt. An enger Metaanalyse am *Clinical Nutrition* vun 2019 koum eraus, dass geziilt Ernährungsinterventiounen d'Spidolopenthalter em 2 bis 3 Deeg kënnen reduzéieren. Etude weisen, dass Patiente mat enger gudder Ernährung no enger Operatioun nees méi séier op d'Bee kommen an dass se manner dacks Komplikatiounen hunn ewéi Infektiounen oder Dekubitus. Wann een ze wéineg ässt an der Klinik, dann huet ee méi e grouse Risiko fir Komplikatiounen ze hunn, bis hin zu enger méi héijer Stierflechkeet. Virun allem al a schwéierkrank Patiente profitéiere vun enger individuell ugepasster Ernährung, fir de Muskelverloscht an d'Mangelscheinungen ze verhënnere. An der Etude *The American Journal of Clinical Nutrition* vun 2020 ass erwise ginn, dass eng Ernährung mat vill Eewäiss bei Patienten an der Klinik de Stierflechkeetstaux signifikant erofsetzt. Eng gesond Ernährung mat Omega-3-Fettsaieren, Antioxidanten a Ballaststoffer ënnerstëtzt d'Immunsystem a reduzéiert Entzündungen. Dëst ass besonnesch wichteg bei Kriibspatienten, Patiente mat chronesche Krankheeten oder no Operatiounen. Natierlech wierkt eng gesond Ernährung sech och op d'Laun aus, op de Schlof an op d'allgemengt Wuelbefannen.

Allerdéngs héiert een ëmmer nees, dass d'lessen an de Klinicken zu Lëtzebuerg net gutt wär. Weder d'Qualitéit vum lessen, nach de Choix wier zefriddestellend. Zum Beispill géingen d'Patienten dacks wäisst Brout ze iesse kréien, woubäi ee weess, dass Vollkarbrout vill méi gesond ass. Et héiert een och, dass de Plateau an d'Kummer bruecht gëtt a relativ séier nees ewechgeholl gëtt.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Gesondheet folgend Froe stellen:

- Wéi gëtt an de Klinicken garantéiert, dass d'Qualitéit vum lessen an de Choix fir d'Patienten zefriddestellend ass?
- Ass d'Madamm Minister der Meenung, dass d'Klinicke genuch Budget kréie fir d'Moolzechten?
- Sollt net emol eng Analyse gemaach gi vun de Moolzechten, dem Choix, der Qualitéit an dem Närwäert?
- Wéi ass d'Kachen an den eenzelne Klinicken organiséiert? Gett sur place gekacht, oder gëtt d'lesse vu bausse geliwwert ?

- Gëtt opgepasst, dass virun allem regional Produiten am lesse verwennt ginn a wann nee, firwat net?
- Gëtt besonnesch bei vulnerabele Leit, respektiv bei Kanner oder eelere Leit opgepasst, dass si genuch iessen?
- Gëtt konsequent den Ernährungszoustand vu Patienten am Spidol erfaasst, fir hinnen eng méiglechst ugepasst Molzecht ubidden ze kënnen?“

Mat déiwem Respekt,



Corinne CAHEN  
Deputéiert



Carole HARTMANN  
Deputéiert